Meng Gemeng: Lokal Chronik - Si on en parlait?

# Präis Oppenheimer fir Escher Jugendhaus

Vum Monica Camposeo (Radio), k2 (RTL.lu)|Update: 18.10.2019 23:40

Präis Oppenheimer fir Escher Jugendhaus




De Präis "René Oppenheimer" geet dëst Joer un d'Escher Jugendhaus fir hire Projet „si on en parlait?".

Zanter 1991 gi Projeten, déi sech géint all Form vun Intoleranz asetzen, mat dësem Präis ausgezeechent.

Am Kader vum Projet „si on en parlait?“ hunn déi Jonk aus dem Escher Jugendhaus de Paul Sobol getraff. Hien huet d’Konzentratiounslager zu Ausschwitz iwwerlieft an de jonke Leit vun senger Erfarung erzielt. Et sinn esou Treffe mat Mënschen, déi aus hirem Liewen erzielen, déi de Projet vum Escher Jugendhaus esou besonnesch maachen. Hei geet et net dorëm, nëmmen iwwert Extremismus, Rassismus oder Antisemitismus ze schwätzen, mä mat de Leit, déi dat selwer erlieft hunn. Op der Präisiwwerreechung ass dunn och déi wichteg Roll vu Jugendhaiser ervirgehuewe ginn.

**Kim Schortgen, Fondatioun René Oppenheimer:** „*Do gëtt eng pädagogesch, qualitativ héichwäerteg Aarbecht geleescht a se gëtt leider, leider nach ëmmer vill ze oft ënnerschätzt a falsch geschätzt. Och dat war ee vun de Kritären, fir ze soen, dëst Joer kritt e Jugendhaus d’Auszeechnung, fir och ze weisen, wat am informelle Bildungsberäich fir eng wäertvoll Aarbecht geschitt.*“

De Projet ass entstanen, well d’Educateure gemierkt hunn, dass déi Jonk net ëmmer de richtegen Ëmgang mat de Sozialen Netzwierker fannen.

**Christelle Kodische, Direktesch vum Escher Jugendhaus:** *„Déi Jugendlech gesi vill Informatiounen an et ass ëmmer schwéier fir si, ze wëssen, wat richteg ass a wat falsch. Wéi kann ech eng Informatioun checken? De Faktencheck ass immens wichteg an dat ass dat, wat mir hinne wollte weisen."*

Dofir wëll d'Escher Jugendhaus déi jonk Leit fir kritesch Theme sensibiliséieren. Duerch d'Begéinunge mat betraffene Leit hu si geléiert, méi kritesch ze sinn an d'Informatiounen ze hannerfroen.

D'Olivia, d'Tania an de Malcolm sinn dräi vu ronn 50 Jugendlecher, déi beim Projet matgemaach hunn. Wann ee freet, wat hinne besonnesch an Erënnerung bliwwen ass, sinn sech déi dräi eens. Besonnesch d'Treffen mam Paul Sobol huet si geprägt. Et wier en Ënnerscheed, ob een eppes aus de Bicher liest oder vun enger Joffer erzielt kritt, oder vun enger Persoun, déi et wierklech selwer materlieft huet.

De Projet „si on en parlait?" gëtt et schonn zanter dem Joer 2015 a gëtt Enn dës Mount mat enger Rees an de Konzentratiounslager vun Ausschwitz ofgeschloss.